n° 2321

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/06/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien & Bildung weiderzeleeden.**

Mam Ausbroch vun der Covid-19-Pandemie huet de Schoulsystem missten ëmorganiséiert ginn.
D'Schoulstonne ginn dobäi iwwer Video gehalen, domat d'Schüler vun doheem aus léiere kënnen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass d'Ënnerriichte per Videokonferenz dateschutzkonform? Gouf d'CNPD domadder beopdrot, een Avis zu der Dateschutzkonformitéit vum Homeschooling auszeschaffen?

2. Brauch een en Accord fir Auszich (Biller, Téin, Ausschnëtter, ...) kennen ze späicheren? Falls jo, wéi gëtt dat reguléiert?

3. Däerfen d'Opnamen un Drëttpersoune weidergeleet ginn?

4. Ginn et vun der Regierung speziell Consignen, wéi eng Programmer fir de Videoënnerriicht benotzt däerfe ginn?

5. Goufen d'Schoulpersonal an d'Schüler virum Benotze vum Videoënnerriicht ëm hir Rechter a Fliichten ëm den Dateschutz informéiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

**Gemeinsam Äntwert vum Educatiounsminister Claude Meisch an vum Kommunikatiouns- a Medieminister op d'parlementaresch Fro Nr. 2321 vum Här Deputéierte Sven CLEMENT**

**Ass d'Ënnerriichte per Videokonferenz dateschutzkonform? Gouf d'CNPD domadder beopdrot, een Avis zu der Dateschutzkonformitéit vum Homeschooling auszeschaffen?**

Esou wéi an anere Liewensberäicher, déi duerch d'Moossname géint d'Ausbreedung vum Covid-19 massiv ageschränkt goufen, stellen sech um Beispill vun der Benotzung vu Videokonferenze fir den Homeschooling grondsätzlech Dateschutzfroen. Dëss Dateschutzfroen sollen sech allerdings aglidderen an di allgemeng an éicht Prioritéit, dem Bildungs- an Erzéiungsoptrag vun eise Schoulen och an dëser sanitärer Kris nozekommen, an zwar mat Hëllef vun digitale Mëttelen, fir esou d'Gesondheet vun allen Enseignanten a Schüler ze schützen.

Doduerch, datt den Educatiounsministère zanter 2016 allen Enseignanten a Schüler e securiséierten Accès op d'Office 365-Plattform, mat ënner anerem der Videokonferenz-App Teams offréiert, konnt dëse Wiessel an den Homeschooling sécher a séier ëmgesat ginn. Schonns zum Zäitpunkt vun der Aféierung vun Office 365 als kollaborativ Léierplattform gouf d'CNPD domadder befaasst an huet dësen Environnement als dateschutzkonform validéiert. An deem Sënn gouf et also fir den Educatiounsministère keen neie Moment.

**Brauch een en Accord fir Auszich (Biller, Téin, Ausschnëtter, ...) kennen ze späicheren? Falls jo, wéi gëtt dat reguléiert? Däerfen d'Opnamen un Drëttpersoune weidergeleet ginn?**

Bei enger Videokonferenz handelt et sech ëm ee Livestream, deen net automatesch ofgespäichert gëtt. Biller an / oder Audiosequenze sinn deemno net méi op der Plattform gespäichert, nodeems se gewise, respektiv ofgespillt goufen.

All Videokonferenz kann awer opgeholl an op der Plattform ofspäichert respektiv gestreamt ginn, dëst allerdéngs just vun enger Persoun, déi déi néideg Rechter huet. An deem Fall ginn all déi aner Persounen doriwwer informéiert an et steet hinne fräi, ze entscheeden, ob si d'Videokonferenz verloossen oder awer den Toun oder d'Kamera ausschalten. D'Opnam vun der Videokonferenz ass just deene Persounen zougänglech, déi un der Konferenz deelgeholl hunn. Wann en Enseignant eng Videokonferenz ophuele wëll, informéiert hien am Virfeld d'Schüler, esou datt déi sech doropper astellen kënnen. Beim eventuellen Deele vun Opname soll den Enseignant oppassen, datt dat am Aklang mam Dateschutz geschitt.

**Ginn et vun der Regierung speziell Consignen, wéi eng Programmer fir de Videoënnerriicht benotzt däerfe ginn?**

Den Educatiounsministère recommandéiert d'Applikatioun Teams, déi Bestanddeel vun der securiséierter Office 365-Plattform ass.

**Goufen d'Schoulpersonal an d'Schüler virum Benotze vum Videoënnerriicht ëm hir Rechter a Fliichten ëm den Dateschutz informéiert?**

D'Méiglechkeet vum Unterrecht per Videokonferenz ass integrale Bestanddeel vun der Plattform Office 365. Fir dës Plattform gi säit 2016 massiv Weiderbildungsformatioune fir d'Enseignantë vum IFEN ugebueden. Weider bitt den IFEN Weiderbildungscoursen un am Beräich vum Dateschutz, vum Droit à l'image, vun der Datesécherheet am Allgemengen.

D'Schüler selwer gi vum Léierpersonal, am Kader vun hirem pedagogeschen Optrag, iwwert Benotzung vum Office 365 informéiert. Den Educatiounsministère baséiert sech op d'Erfarunge vun de leschte Méint fir fir déi nächst Rentréee eng Informatiounsmapp zesummenzestellen, déi den Ëmgang mam Office 365 am Kontext vum Dateschutz behandelt.